ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Abrëll 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

An engem Artikel am Tageblatt vum 14.04.2020 mat dem Titel „*(Krisen)mission: Vorbeugen, erklären, helfen*" an an dem et ëm de Planning familial geet, steet ënner anerem dëst:

„*Die zweite der beiden nötigen Abtreibungspillen kann unter verschiedenen Auflagen mittlerweile zu Hause eingenommen werden, u.a. vorausgesetzt, dass eine weitere Person anwesend ist*".

An dem Zesummenhank wollte mir der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng gesetzlech oder reglementaresch Basis gëtt et fir déi Praxis déi hei vum Planning familial an dem Artikel als „Erfolleg" beschriwwe gëtt? Zënter wéini gëtt et déi Reegel?
2. Wéi eng Berodunge si virgesinn, respektiv virgeschriwwen, fir de Fall wou eng Fra sech decidéiert fir Ofdreiwungspëllen ze huelen? Wéi erfëllt de Staat an dem Zesummenhank seng Flicht dat ongebuerent Liewen ze schützen?
3. Gëtt et elo, wärend der sanitärer Kris, besonnesch Reegelen am Kontext vun der Ofdreiwungsproblematik?
4. Wéi eng Gesondheetsrisike fir d'Fra si mat dem Anhuele vun Ofdreiwungspëlle verbonnen?
5. Huet d'Regierung en Iwwerbléck doriwwer wéi vill där Pëlle pro Joer zu Lëtzebuerg geholl ginn?
6. Ginn d'Käschte fir Ofdreiwungspëlle vun der Gesondheetskeess bezuelt?

7. Sinn der Regierung medezinesch Noutfäll hei am Land bekannt, déi duerch d'Anhuele vun Ofdreiwungspëllen entstane sinn? Wa jo, wéini, vu wéi enger Zort a wéi vill?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten